adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JUIL. 2017
3148

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Regierung weiderzeleeden.

Lénksextremisten hunn haaptsächlech am Ausland scho méi wéi eemol gewisen, datt si hir Iddien net ëmmer mat friddlechen Demonstratioune wëlle vertrieden. Hir Gewaltbereetschaft huet heiansdo Ausmoossen ugeholl, déi net ze toleréiere sinn. D'Noriichten an d'Biller iwwer d'Virkommnesser um G20, dee kierzlech zu Hamburg war, hunn dëst op en Neits méi wéi däitlech gemaach. An e puer Länner gëtt sech gefrot, op de Kampf géint den Extremismus vu Riets, esou berechtegt en ass, net zevill eesäiteg war.

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un eis Regierung.

1. Hält d'Regierung lénksextremistesch Beweegunge fir geféierlech? Fënnt d'Regierung, datt méi géint déi extremistesch Gewalt vu Lénks muss ënnerholl ginn? Wa jo, wat gesäit d'Regierung do vir?

2. Huet d'Regierung Kenntnesser doriwwer ob Lëtzebuerger, lëtzebuergesch Associatiounen, politesch Mouvementer oder Leit, déi vu Lëtzebuerg komm sinn, un der Gewalt zu Hamburg bedeelegt waren?

3. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi jonk Leit systematesch sollen iwwer lénksextremistesch Iddien a Virstellungen opgekläert a virdru gewarnt ginn? Existéiert heifir schonn e Konzept, a Form vu Präventiounsprogrammer fir Jonker? Wa jo, wéi gesinn esou Präventiounsprogrammer aus?

4. Misst dëst Thema net och allgemeng vill méi Präsenz an de politeschen Diskussioune fannen an no bausse bei de Bierger gedroe ginn, fir Jonk an Al op déi wuessend Gewaltbereetschaft an d'Gefore vum Lénksextremismus opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vun der Regierung op d'parlamentaresch Ufro N° 3148 vum 20. Juli 2017 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

Den honorablen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang vum Riets- a Lénksextremismus.

1. Fir d'Regierung ass Gewalt a kengem Fall eng akzeptabel Manéier fir eng Meenung auszedrécken.

2. D'Regierung huet keng Kenntnis iwwert Leit oder Associatioune vu Lëtzebuerg, déi un der Gewalt zu Hamburg bedeelegt waren.

3. + 4. De Regierungsrot huet den 29. Juli 2016 decidéiert e Preventiouns- a Berodungszentrum ze schafe fir Leit déi mat Radikaliséierung an Extremismen konfrontéiert sinn. Dësen Service funktionéiert ënnert der Responsabilitéit vum Familljen- an Integratiounsminister. All Informatiounen zum « Centre contre la radicalisation » a sengen Aktivitéite fannen déi interesséiert Leit ënnert www.respect.lu.